N°4412
Entrée le 08.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.07.2026

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 8. Juli 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister an den Här Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus weiderzeleeden.

Viru kuerzem ass bekannt ginn, dass d'Chimieentreprise Indorama zu Stengefort eng Fermeture vum Site envisagéiert. Méi wéi 100 Aarbechtsplaze wieren dovunner betraff.

Laut de Gewerkschafte wier dës Fermeture am Moment net duerch eng Faillite begrënnt. Et géife weider Clienten ginn a Commandë bestoen, déi eng Produktioun nach fir eng gewëssen Zäit méiglech maache kéinten. Gläichzäiteg steet de Verdacht am Raum, dass Deeler vun der Produktioun kéinten an d'Ausland verluecht ginn.

Dës Situatioun werft net nëmmen d'Fro nom Schicksal vun de betraffene Salariéen op, mee och eng méi generell Fro no der Zukunft vun der Industrie zu Lëtzebuerg. An de leschte Joren hu schonn eng Rei Betriber zougemaach oder Restrukturéierungen annoncéiert. Dobäi huet grad d'Covid-Kris gewisen, wéi wichteg et ass, net komplett vun auslännesche Produktiounsketten ofhängeg ze sinn.

An deem Kontext géinge mir den Här Ministeren follgend Froe stellen:

- Steet d'Regierung am Kontakt mat der Direktioun vun Indorama, fir Alternativen zu enger Fermeture ze préiwen?
- Ass der Direktioun e Plan de maintien dans l'emploi proposéiert ginn?
- Wa jo, wat sinn d'Konditiounen vun desem Plan de maintien dans l'emploi?
- Huet d'Regierung Kenntnis dovun, ob Deeler vun der Produktioun an d'Ausland verluecht solle ginn?
- Wéi eng Mesurë si virgesinn, fir déi betraffe Salariéen ze ënnerstëtzen, besonnesch déi, déi schonn iwwer 50 Joer al sinn?

Mat déiwem Respekt

Georges Engel
Deputéierten

Taina Bofferding
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu